LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°781 vum 23. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori**

Een Erwuessenen, dee säi Bac wëll nohuelen, kann dëst an Owescoursen "en présentiel" maachen oder digital iwwert den eCampus.

- D'Owescourse berücksichtege professionell Engagementer iwwert den Dag.
- Den eCampus erlaabt engem - zu all Moment a vun iwwerall - de ganze Parcours vun der Sektioun G vum Enseignement classique a Form vu modulär Systemer ofzeschléissen.

Dës zwou Offere bidden déi wichteg Flexibilitéit, déi et de Participanten erméiglecht, de schoulesche Parcours an hirem eegene Rhythmus ofzeschléissen a mat anere familiären oder beruffleche Obligatiounen ze vereenen.

Opgrond vun der Remuneratioun, déi d'Leit aus hirer beruffleche Aktivitéit bezéien, ass keng weider finanziell Ënnerstëtzung gesetzlech virgesinn.

Engem Erwuessenen, deen e BTS en alternance wëll maachen, steet am Prinzip eng Studiebäihëllef vum Staat fir Héichschoulstudien zou, wann hien déi allgemeng Eligibilitéitskrittären erfëllt.

D'Studiebäihëllef gëtt an zwou semestriellen Tranchen accordéiert pro akadeemescht Joer, an dat fir d'Dauer vun der offizieller Reegelstudienzäit vum BTS (an der Reegel 4 Semester), woubäi d'Méiglechkeet besteet, nach fir zwee weider Semesteren d'Studiebäihëllef ze kréien an och nach duerno fir zwee Semesteren d'Studiebäihëllef integral als Prêt bei der Bank ze kréien.

D'Studiebäihëllef ass cumuléierbar mat enger Indemnité de stage am Kader vun enger Formatioun en alternance.

D'Studiebäihëllef ass och cumuléierbar mat anere Studiebäihëllefen, déi am Kontext vum internationale Mobilitéitsprogramm (z.B. Erasmus+) oder/an opgrond vu Studieleeschtungskrittären accordéiert ginn.

D'Studiebäihëllef vum Ministère fir Fuerschung an Héichschoul (MESR) ass net cumuléierbar mat gläichwäertege Studiebäihëllefen, déi am Wunnsëtzland vum Student accordéiert ginn. D'Bäihëllef ass och net cumuléierbar mat anere finanzielle Leeschtungen, déi de Student an sengem Wunnsëtzland kritt opgrond dovunner, dass hien e Student ass.

Wann e Student en eegent järlecht Akommes huet, dat iwwert dem Sozialmindestloun fir net qualifizéiert Ugestallter läit, da kann dee Student déi ganz Studiebäihëllef nëmmen als Studenteprêt kréien. E Student mat engem eegene järlechen Akommes dat 3,5 Mol iwwert dem Sozialmindestloun fir net qualifizéiert Ugestallter läit, ka keng Studiebäihëllef méi kréien.

D'Studiebäihëllef vum MESR huet als Zil, den Zougang zu Héichschoulstudien ze vereinfachen, andeems se eng finanziell Ënnerstëtzung virgesäit ënnert der Form vu Bourssen an engem

Studentenprêt, déi, wéi hei driwwer beschriwwen, fir déi offiziell Reegelstudienzäit vum Héichschoulprogramm accordéiert ka ginn, mat der Méiglechkeet eng Verlängerung vun der Hëllef ze kréie wann een de Studieprogramm net innerhalb vun der offizieller Reegelstudienzäit ofschléisst.

Well d'Studiebäihëllefsgesetz keng Altersgrenz virgesäit, kann eng Persoun zu all Moment vun hirem Liewen op esou eng finanziell Hëllef zeréckgräifen,wat domadder de Prinzip vum *Life Long Learning* ënnerstëtzt.

D'Studiebäihëllef ass an deem Sënn eng finanziell Bäihëllef an Ënnerstëtzung fir Persounen aus allen Alterskategorien, déi e Studium wëlle maachen. Si ass awer weder eng Substitutioun fir e Salaire oder eng Mesure fir Beschäftegter ewéi de *congé individuel de formation*, Chômage oder REVIS, nach eng reng Sozialhëllef.

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2024

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie Obertin